

Rapport Referees Commission 21 November 2017

Uwiesend: Ney, Geib, Weinzierl, Schmitt, Frieseisen, Weber, Pascalicchio, Keiffer, Nesser

Entschellegt: Simonelli

1. Adoptioune vum Rapport vum 17.10.2017

De Rapport ass approuvéiert. (*Le rapport est approuvé.*)

2. Kommissioun

De Georges Geib bemängelt, dass Berichter vun anere Kommissiounen net veréffentlecht ginn. De Christian Schmitt äntwert, dass net émmer gewollt wär, an Zukunft awer géif probéiert ginn, dës Berichter op mannst innerhalb der FLH u jiddereeën ze verdeelen. (M. Geib se plaint que les rapports des autres commissions ne sont publiés. M. Schmitt répond qu'il va essayer de publier les futurs rapports aux membres des commissions.)

3. Fuarwen Arbitteruniform + Ausrüstung Spiller

Eng weider Kéier mécht d'Refcom d'Veräiner, d'Spiller an awer och d'Delegéiert an Arbitter drop opmierksam, dass et do Reegele gëtt déi mussen agehale ginn. Dat gëllt fir jiddereeën d'selwecht an Ausname soll et do keng ginn! (Une fois de plus la Refcom souligne que non seulement les clubs et les joueurs mais aussi les délégués et les arbitres sont priés de respecter le règlement sans exception.)

4. Ticket Nationalequipp + Zougang Innenraum a VIP

De Christian Schmitt mécht op d'Decisioun vum CA opmierksam: All Arbitter huet eng gratis Stooplaatz bei Lännermatcher ze gutt. Nëmme wann Sëtzplaze fräi sinn, däerfen si sëtzen. Arbitter an Delegéiert déi näischt mat der Organisatioun ze dinn hunn, hunn keen Zougang zum VIP an dem Terrain! Just déi, déi bei der Organisatioun hëlfen, kréien do Zougang. (M. Schmitt rappelle la décision du CA: Chaque arbitre aura droit à un ticket d'entrée debout gratuit. Les membres du corps arbitral qui ne sont pas impliqués à l'organisation n'auront en aucun cas le droit de rentrer au VIP ou sur le terrain.)

5. RAPPEL: Formatiounen 25.11 et 16.12 / Maik Handschke 24.02.2018

Rappel: Formatiounen den 25.11.2017 09h00 - 12h00 et le 16.12.2017 09h00-12h00 an der Maison des Sports!

De Maik Handschke hällt bei dem Arbittermeeting de 24.02.2018 e Virtrag. (M. Handschke sera présent à la réunion des arbitres du 24.02.2018)

6. Koordinatioun Austausch Jeunes arbitres an der Grande région an Austausch Arbitter matt aanere Federatiounen

Uspriechpartner fir de Projet Jeunes Arbitres sinn den Fränz Keiffer a Paul Nesser. Uspriechpartner fir en eventuellen Austausch mat Arbitter vun anere Federatiounen ass de Sabien Weber mam Patrick Simonelli. (Contacts concernant le projet des JA Grande-Région : Francis Keiffer et Paul Nesser. Contacts concernant des éventuels échanges avec d'autres fédérations : M. Sabien Weber et Patrick Simonelli.)

7. Receptioun Arbitter + EHF Delegéierten 02.01 - 03.01 an 13.01 - 14.01

D'Mariella Pascalicchio stellt sech zur Verfügung fir d'Receptioun vun den EHF Offiziellen. (Mme Marilla Pascalicchio réceptionnera les arbitres et le délégué EHF.)

8. Karenszeit Arbitre neutral a Veräinswiessel

D'Refcom proposéiert dem CA d'Waardenzäit, an där den betraffenen Arbitter kee Match an der Nationaldivisioun vu sengem ale Veräin päifen däerf, bei engem Wiessel an en aneren Veräin oder als "Neutralen" bei d'FLH op 1 Saison ze setzen. Dëst op Grond vun akutem Mangel un Onparteieschen. (La Refcom propose de fixer le délai de carence à une saison au cas où un arbitre change le club ou devient neutre. Pendant cette saison l'arbitre en question ne siffle aucun match en division nationale de son ancien club.)

9. Technical Meeting

All Arbitter an Delegéiert as gebieden an der Nationaldivisioun en technesche Meeting ronn 45 Minutte virum Match ze maachen! (Lors des matches en division nationale les arbitres et les délégués sont priés d'organiser un technical meeting environ 45 minutes avant le début du match !)

10. Berichter roud Karten

D'Arbitter ginn gebieden d'Berichter bei roude Kaarten präzis an net widderspréchlech ze formuléieren. (Les arbitres sont priés de formuler précisément les faits et d'éviter des témoignages contradictoires.)

Nächst Versammlung: Dënschdeg den 19. Dezember um 18:15.